GEMENG
JONGLËNSTER

Jonglënster, den 15. November 2024

# 12. Reunioun – Rapport

**12. Novembre 2024 – Centre Polyvalent Gaston Stein**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d'Présidence un d'Membere vun der Kommissioun an un ee vun eise neie Memberen dee sech och kuerz virgestallt huet.

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapporte vun der 11.Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Sportleréierung

- D’Sportleréierung wäert dësen Donneschden um 19 Auer am Centre Polyvalent Gaston Stein stattfannen. Rendez-Vous fir alleguerten d’Membere vun der Kommissioun ass um 18 Auer am grousse Sall fir eventuell nach déi lescht Saache virzebereeden.
- De Sekretär vun der Kommissioun war nach eemol laanscht bei de Service Communication vun der d’Gemeng. Si hunn zesummen d’Powerpoint duerchgekuckt a finaliséiert, den Oflaf ofgestëmmt a lescht Detailer beschwat.
- Esou krute mir och eng Lëscht mat de Nimm vun de Sportler an de jeeweilegen Equippen an der richteger Reiefolleg.
- De Start vun der Sportleréierung ass um 19 Auer. Als éischt wäert Präsidentin vun der Sport- a Jugendkommissioun eng kleng Ried als „Mot de Bienvenue“ halen. Duerno geet et dann direkt lass. Wann d’Sportler bis opgeruff sinn, wäerte si lénks op d’Bün erop goen a kréien da vum Schäfferot gratuléiert. Ee Responsabel vum Veräi kënnt mat op d’Bün a wäert dann alleguerten d’Diplomer vu sengem Veräi kréien. Duerno ginn d’Sportler riets rof a maache virun der neier Fotosleinwand eng Gruppefoto. Heivir an awer och fir Impressioune vum ganzen Owend huet d’Gemeng eng Fotografin engagéiert.
- Diplomer wäerten Donneschdes Mëttes an de Sall bruecht ginn, dëse wäert Dënschdes vun de Portieren amenagéiert ginn. D'Schnittercher wäerte vum Bäcker Donneschdes Mueres um 10 Auer direkt an de Polyvalent geliwwert ginn. Gedrénks gëtt och vun de Portier präparéiert.

## 5) Avis Krittären - Sportleréierung

- De Schäfferot huet virgeschloe fir d’Editioun 2025 een neit Reglement par Rapport de Krittäre vun de Präisser auszeschaffen. Hei leie scho Beispiller vun anere Gemengen um Dësch. Haaptsächlech geet et drëms fir engersäits an Zukunft sech op national Championnater respektiv d’Coupen oder europäesch an international Meeschterschaften ze fokusséieren. Net méi ee regionaalt Turnéier.
- Als Kommissioun ass et eis wichteg de Fokus op déi Jonk ze setzen an domadden de Jugendsport kloer ze ënnerstëtzen. Grad fir déi Jonk ass eng Unerkennung fir hir Leeschtung wichteg, och fir méi kléng regional Championnater oder Turnéier, fir si weiderhin e motivéieren an hinnen deen néideg Push a méi schwéieren Zäiten ze ginn.
- Fir déi Erwuesse géife mir engersäits en anert Konzept, wéi schonn ëfters beschwat, an anersäits och en anere Krittäreschlëssel eis virstelle kënnen.
- Dëst géif bedeiten, dass mir zwee Evenement hätten, eent fir déi Jonk bis 21 Joer an eent fir déi iwwert 21 Joer. Dëst zesumme mat zwee verschiddenen Subsideschlësselen.
- Mir géifen et och wichteg fanne wa bis eng méi genau Piste vun engem Verdeelerschlëssel do, de Verglach mat den Donnéeë vun der Editioun 2024 mam alen a neie System ze maachen. Dëst fir ze garantéieren, dass mir do net onerwaart Verléierer oder Gewënner hunn, dat mir net esou virausgesinn hätten.

- De Sekretär wäert do een éischten Draft préparéieren, dee mir an onser Versammlung am Dezember finaliséiere kënnen.
- Am Fall wou mir dësen Avis wëlle public maachen, musse mir laut Artikel 8 vum „Gemenge- Kommissiounsreglement“ den Accord vum Gemengerot hunn.

## 6) Ëmfro Veräiner

- Esou wéi an der leschter Versammlung decidéiert ginn ass, wäerte mir eng grouss Ëmfro bei de Sportsveräiner lancéieren. De Sekretär huet een éischten Draft vun dëser Ëmfro virgestallt.
- Als Sport a Jugendkommissioun, wëlle mir eis gären e besseren Iwwerbléck iwwer d'Ufuerderungen, Erausfuerderungen, d'Besoinen an d'Wënsch vun de Sportsveräiner an eiser Gemeng verschafen. Dës Informatiounen hëllefen eis, d'Zesummenaarbecht an déi sportlech Offere weider ze verbesseren.
- Mir wäerten duerno als Kommissioun eng Synthèse vun all de Froebéi erstellen an dorausser en Avis formuléieren deen dem Schaffen- a Gemengerot presentéiert gëtt. Och fir dësen Avis dierfen ze publizéieren, muss mir laut Artikel 8 den Accord vum Gemengerot hunn.
- De Froebou selwer wäert net anonym sinn, dëst fir am Fall vun Nofroen oder Onkloerheeten d’Sportsveräiner kontaktéieren ze kënnen. An der Synthèse wéi och am Avis un de Gemengerot duerno wäert awer alles anonymiséiert ginn.
- Zousätzlech hu mir decidéiert een Dokument (PDF) ze erstellen op deem een alleguerten d’Froen op ee Bléck ka gesinn. Esou ass et fir d’Veräiner méi einfach dëse Froebou an hire Comité zesummen ze beschwätzen, respektiv dass hir Comitésmemberen sech beschtméiglech Gedanke kënnen driwwer maachen.
- Als Deadline hu mir Sonndes, den 19. Januar virgesinn. Zousätzlech géife mir zwee Reminderen schécken, een déi zweet Woch Dezember an een am neier Joer.

## 7) Seefekëschterennen

- Leider ass de Feedback-Formular nach net vu jidderengem aus der Kommissioun an och nach net vun all Maison Relais Haus ausgefëllt. Dëst ass awer extrem wichteg, fir ee kompletten Iwwerbléck ze hunn, an eng eventuell Editioun 2025 besser virbereeden ze kënnen. Hei wäerte mir eng Relance maachen.

## 8) Präsenztabell

- De Sekretär huet vun der Gemeng de Präsenztabell fir d’Joer 2024 geschéckt kritt. Dësen ass virbereet ginn a jidderee wäert dësen op elektroneschem Wee approuvéiere wäerten.

## 9) Emailsadresse

- Op Nofro an der „Cellule informatique“ vun der Gemeng, krute mir leider matgedeelt, dass Verdeeler Gruppe mat friemen Domainen (Post, Google, Hotmail, etc.) säit der neier Politik vun all de Providere betreffend Spoofing, Phishing, Spam asw. net propper funktionéieren.
- Esou ass et leider net méiglech eng professionell Emailsadresse als Kommissioun ze hunn, déi automatesch un all eis Membere weider geleet gëtt.
- Mir wäerten eng offiziell Demande un de Schäfferot maachen, ob et méiglech wier eng „richteg“ Emailsadresse dierften ze kréien. Mir sinn eis bewosst, dass dës dann um offiziellen Domaine vun der Gemeng géif lafen, an awer fanne mir et wichteg dass d’Bierger an d’Veräiner eng professionell Emailsadresse hu fir eis kënne ze erreechen.

## 10) Oppen Diskussioun

- Mir wäerten op der Gemeng respektiv beim SNJ nofroen, op et ee fixen Datum fir „Nuit du Sport“ gëtt, wéi zum Beispill den éischte Samschdeg am Mount oder ähnleches. Dëst fir d’Veräiner am Viraus besser informéieren ze kënnen.
    - D’Äntwert aus der „Division du Sport-Loisir“ aus dem Sportsministère ass, dass et hei wéinst de Feierdeeg an Eventer kee fixen Dag gëtt, mee dësen all Joer nei gekuckt gëtt.
- D’Thema vum „Sportskoordinator“ ass ugeschwat ginn. Dëst ass ee Konzept dat och schonn a villen anere Gemeng ugewant gëtt. Hei ginn et och extra finanziell Ënnerstëtzunge vun de jeeweilege Ministèren. Dëst wëlle mir elo weiderverfollegen.
- Den 11.Dezember wäert eist Ofschlossiessen am neie Restaurant um Lënster Bierg stattfannen. Hei wäerte mir d’Jugendhaiser vun Déifferdeng, Bissen a Lënster invitéieren. Dëst fir Merci ze soen am Kader vum Seefekëschterennen.

## 11) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 14.11.2024 | 18:00 | Gaston Stein | Sportleréierung |
| **02**.12.2024 | 19:30 | Gaston Stein | 13.Reunion |
| 11.12.24 | 19:30 | Lënster Bierg | Ofschlossiessen |

**Opgepasst:** Eis 13.Versammlung ass vum 3.Dezember ëm een Dag no vir verluecht ginn, also op den 2.Dezember!

**12) Ënnerschrëften**

| | | |
|---|---|---|
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | / |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär